

WANDROUS

N° 337 Spiirkel/ Lenzmount 2012

février / mars



Kennt 5 mol pro Joërl eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Jack Wolfskin



Scarpa

CAMELBAK

TEVA

TATONKA

THERMAREST

SALOMON

Raichle

PETZL

GARMIN

patagonia

MSR

MEINDL

Shared Test Activities

BOREAL

LOWE ALPINE

GARMIN

FJALL RAVEN

macpac

LOWE ALPINE

HAGLOFS

nanowag

THE NORTH FACE

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de



Léif Sixer!

Dir sidd hárzlech invitíert op d'Hochzäit vun der Prinzessin Marie-Trantinette an dem Ritter Arthur op der Buerg zu Huëlmes (Hollenfels)

D'Hochzäit fénnt statt den Weekend vum
3.-4. März 2012

Den Weekend ass eng Féderalsaktivitéit, wou all d'Sixer vun der FNEL invitíert sinn, defir verpasst et nöt Jerc'h unzemelden. Op den Rendez-vous zu Huëlmes kommen ech mat tiptop er Uniform, Feulard an festen Schong.

Rendez-Vous:

Samschdes, den 3. März 2012 um 14 Åuer zu Huëlmes bei der Jugendherberge

Schluss:

Sonndes, den 4. März 2012 um 15 Åuer zu Huëlmes bei der Jugendherberge

Präiss:

20 Euro, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 17. Februar 2012 op den Compte vun Les Lions Bleus Asbl-Meute (CCPL IBAN LU641111258122050000) mat der mentioune SiWe'12 + Numm vum Sixer.

Souche:

Oefzeginn bei déngem Chef bis spéidstens no der Fuesvakanz
(so eis just w.g.s. per sms oder mail "meute@lionsbleus.lu" bescheid op 's de matgees)

Woot brauch ech:

Schloofsaack, Pyjama an Schlappen, Wäschsaachen, Handduch, dem Wiederer
ugepaassten Kieeder (mir sinn viss dohaussen/och ewes), fréisch Strémp / Ënnner-
wäsch, Gamelle/Besteck/Becher/Kichenduch, Tüschen-Suucht & Tüschen-
Messer, dem Wöllefchen séng 5 Saachen...

Léiks Patt,

Prinzessin Marie-Trantinette, Ritter Arthur & är SiWe-Ekipp

Heimat ersaaben ech _____ mengem Sixer
den 3.-4. März 2012 op der Hochzäit
vun der Prinzessin Marie-Trantinette an dem Ritter Arthur "SiWe"
2012 organiséiert vun der FNEL deelzehuelen.

Ënnerschrëft vum Responsableen



Velo-Sortie fir d'Meute

Velo-Sortie fir d'Meute



Dring-Drinyyyyynggg!

Hues de daat Geräich schon laang nüt méi héieren an mengs ét géing mol nees Zäit ginn, den aalen verstëpsten Velo aus der Garage ze huelen? Ma dann puch dëch op dän

Suerdel an gëff Gaazzzz! Well den 10ten März ginn d'Wöllefcherscheffen mat hierer Meute op den Tour!

Wéini?

Den **10ten März 2012** um 10:00Auer

Wou?

Beim Home vun den Lions Bleus

Präiss?

7 Euro (fir d'Mëttesiessen)

Waat brauch een?

Op jiddefall e **VELO** & natirlech en **HELM!!!**

Wiederungepassten Kleeder, fest Schong & e Bidon mat Waasser...



Souche?

ass fir op d'Sortie matzebréngen.

Unmellen kënn der ierch per E-Mail op meute@lionsbleus.lu oder per Telefon beim Prunelle (621 62 53 20) bis den 2ten März 2012.

Bezuelen?

Déi 7 Euro sinn ze iwwerweisen op den Compte vun der Meute (CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000) bis spéidstens den 2ten März 2012 mat der Mentioun : Velo-Sortie + Numm vum Radler.

D'Radlercrew



Heimat erlaaben ech mengem Profi-Radler

..... den 10ten März 2012 mat op d'Velo-Sortie mat ze goën.

Ech kucken dat mäin **Velo an engem tiptopen Zoustand** op den Départ kënnst, an ech bréngen mäin **Helm** mat fir matzfueren.




.....
Ënnerschrëft vum Responsablen

Ouschtercamp BV Ouschtercamp Beaver

! OPGEPASST !

Et geet een Virus duerch d'Felder! An all dem Ouschterhues séng fläisseg Mataarbëschter sinn schwéier krank :(An wanns DU wëlls dass Ouschteren nüt an d'Waasser fällt, dann mell dëch séier un fir dem Ouschterhues ze hëllefen!




RENDEZ-VOUS: Freides, den 30.März 2012 um 18.00 Auer beim Home vun den Gréngen Scouten (rue Jean Friderich L-3469 Diddeleng)

RETOUR: Sonndes, den 1.Abrëll 2012 um 18.00 Auer beim Home vun den Gréngen Scouten

PRAÏSS: 35 EURO, sinn bis den 15.März 2012 op den Compte: Les Lions Bleus Asbl - Beaver mat der Mentioun --> 'Rettungsaktioun Ouschteren + Numm vum Beaver ze iwwerweisen (CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000)

WAT BRAUCH ECH: Dem Wieder ungepassten Kleeder, Schloofsaack, Gamelle & Kichenduch, Bidon, Kleeder fir ze Wiesselen, Wäschsaachen, fest Schung, an waat en Beaver soss nach brauch...



BEAVERKLACK

Maiti, Lena, Nora an Alizée

Heimat erlaaben ech mengem
Beaver um Ouschtercamp vum
30.März bis den 1.Abrëll 2012 deelzehuelen.



.....
Ënnerschrëft

Ouschtercamp 2012

Amerika Camp

Meute



Hues du Loscht mat eis duech Amerika ze reesen?

Hollywood, California, Las Vegas, New York ...

Et waarden vill intressant Plaatzen, Perseinlechkeeten an gudd lessen op
iech, also bucht esou schnell wei meiglech ären Ticket fier eng onvergiessleg
Rees

Den Fliiger start den 31.3 um 14h zu Bounneweg am Home

An land den 2.4 um 15h zu Bounneweg am Home

An earer Valise duefen folgend Saachen net feelen:

5 Saachen, Schloofsaak, Gamelle, Kichenduch, Wäschsaachen, Tächeluucht,
Kleeder fier all Wieder (vergiest dobei net eart Gala Kleed)

Den Camp kascht 38 euro, dei sinn bis den 24 Abrell op den Compte : Les Lions
Bleus Bonnevoie a.s.b.l.- Meute CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000

D' Souche ass ebenfalls fier den 24 Abrell oofzeginn, dueno mecht den Findel zou.

Mier freen eis op dech!



Heimat erlaaben ech _____ mengem

Wellefchen _____ um Ouschtercamp den 31.4-2.4 2012
deelzehuelen an iwwerweisen virum Camp _____

Ouschtercamp Troupe Entdeckunguer'12



MÄIN LÉIFT LËTZEBUERG!



Wou d'Uelzech durech d'Wisen zéit, duerch d'Fielsen d'Sauer brécht, wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit, den Himmel Wäin ons möcht: Daat ass onst d'Land, fir daat mer géif hei nidden alles won, ons Heemechtsland daat mir sou déif an onsen Hierzer dron, ons Heemechtsland daat mir sou déif an onsen Hierzer dron...

Ons Heemecht, Lëtzebuerg, eent vun den klengsten Länner op der Welt mee awer dat schéinst.
Oder? Wou warste schon zu Lëtzebuerg?



Wosst du dass ét zu Lëtzebuerg eng kleng Schwäiz gët? Wosst du dass Lëtzebuerg méi Hölen huet wéi Stroossen? Wosst du dass Lëtzebuerg Geschichten an Legenden vu groussen Kinnéken an séngen Bëscher verstopppt huet?

Falls n t, dann komm mat op eng L tzebuerg-Entdeckungstuer!
Falls io, gees de awer mat! Well vill Saachen d i onentdeckt
sinn, waarden op d ch an d ng Scoutsfr nn fir entdeckt ze ginn!
Villeicht fannen mir io och Ouschter-E r mat deenen mir n t
gerechent hun! Wee wees...

Wéini ass dës Entdeckungstuer?

Vum 12.Abrëll 2012 um 10 Auer mat tiptoper Uniform op der Gare zu Dummeldéng bis den 14.Abrëll 2012 um 16 Auer op der Gare zu Dummeldéng.

Waar brauch een fir sou een Entdeckungstuer?

En waarme Schloofsaack (well mir schloofen dobaussen), Carrymat, Gamelle&Kichenduch, Bidon, Bierschong, dem Wieder ungepassten Kleeder, Jumbokaart / E-GoKaart oder 2 rout Ticket'en, an alles waat een fir en Entdeckungscamp brauch.

Waat kascht dësen Entdeckungstuer?

38 Euro sinn ze iwwerweisen op den Compte vum Manon Fischer (CCPL LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mentioun "OC+Numm vum Kand"

Wéi mellt een sëch un fir dësen Entdeckungstuer?

Souche oofschniden, ausf llen an oofgin bei den Truppencheffen bis den 24.Mrz 2012.
Opgepasst: D'Souche an soss n ischt zielt als d efinitiv Umeldung!



Heimat mellen ech..... mäin Entdecker
..... un fir den Ouschtercamp
(12/04/2012-14/04/2012) an iwwerweisen d'Suen rechtzäiteg.

Ënnerschrëft vum Elterendeel:.....



EXPLORERcamp FNEL Veloscamp an d'Belge

RAPPEL !!!

VelosCamp vun der FNEL an der Belge vum 10/04-14/04/2012.

Um Programm steet:

Velofueren, Schwammen goën (*dobannen nüt am Mier*), Visiten vun Muséen...ausserdem kritt der och nach genuch Iwwerraschungen um Camp.

Wanns du nach nüt ugemellt bass, dann gët ét lo héisch Zäit fir dech direkt unzemellen. Schéck eng Mail un explorer@fnel.lu.



WICHTEG:

Den 10/03/2012 ass eng Sortie zu Lëtz, wou's du muss matgoën wanns du um Camp wëlls dobai sinn. Op déi Sortie muss du mat déngem Velo kommen Diens du mat op den Camp hëlls.

Gëff dës Souche bis den 25/02/2012 bei engem vun déngen Cheffen oof.

Ech _____ ginn den 10/03/2012 mat op Lëtz op d'Sortie an hun den

VelosCamp ganz bezuelt an méng Pabeieren sinn all do
Ennerschreft: _____

Schaffdaag fir Explorer,Rover,Cheffen&Amicale

Schaffweekend am Home Lions Bleus

Den Terrain huet nach d'Wantercoupe, d'Afahrt nach Wanterpelz, d'Maueren sinn beschmiert an iwwerall sinn Spawecken.

Luchten déi nüt méi fonctionnèieren, Plättercher déi lass sinn an lauter Schiéf & Regaler déi entrümpelt müssen ginn....

Dofir rappen mer lo all zesummen un!!!

Mir treffen ons den Weekend vum 17.-18.März 2012 am Home vun den Lions Bleus, fir dës nees bëssen op Fordermann ze brëngen.


Den ganzen Weekend kascht näischt - 0 €'en, e Kuch oder eng Taart soll awer nüt däin Schued sinn.

Ufank: 17/03/2012 um 08h00Auer am Home
Schluss: 18/03/2012 um 17h00Auer am Home



Umellen:

bis den 10/03/2012 beim Maki umellen énnert dem Nummer 661 721 112 oder eng mail op mike.kremer@cargolux.com schècken...



SUMMERCAMP 2012

fir Scouten/Explorer/Rover



Gelebte Nachbarschaften

31.Juli 2012 - 13.August 2012



Als alleréischt:

E groussen **MERCI** un jiddereen dien eis ännerstëtzt huet op eiser Baacksonie, an déi eng oder aaner Tuut(en) mat selveragebaackenen Fueskichelcher kaaf huet...

Ënner aanerem geet e **BRAVO** un d'Kanner an d'Cheffen...

Sie hun den ganzen Daag 100% ginn, fir eng 1500 Fuesbullén & 200 Fueskniets ze baacken, ze verpaacken an ze verkaafen :)

NEWS zum CAMP...

Präiss vum Summercamp??? **420 €**

1.Acompte: **150€** (*wor bis den 31/12/2011 ze iwwerweisen*)

2.Acompte: **150 €** bis den 1.März 2012

3.Acompte: **120€** bis den 1.Mee 2012

sinn ze iwwerweisen (*Mentioun:TECHUANA+Numm*)

op den Compte vum Fischer Manon (*CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000*).

Genee DATEN?

DÉPART--> Dënschdes owes (+/-21Auer), den 31.07.2012 um P&Ride Howald

RETOUR--> Méindes moies(+/-9Auer), den 13.08.2012 um P&Ride um Howald

Elterenversammlung?

Dës ass den 16/06/2012 um 16:15 am groussen Sall vun eisem Home & ass obligatorësch fir jiddereen deen matgeet!!! Dofir **schreib der dësen Datum lo schon op**, well bass du nüt do, bleiws de doheem. Ënner aanerem kriss du dann awer och hei weider Détailier iwver den Camp, Programm, Material ... du kriss däin perséinlechen Dossier mat der Fiche médicale, enger Apaacklëscht an nach vill méi ...



Programm Beaver

Den Beaver - Programm

FEBRUAR:

- 4. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 11. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 18. Keng Versammlung -> VAKANZ
- 25. Keng Versammlung -> VAKANZ



Schéin Vakanz! :)

MÄRZ:

- 3. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 10. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 17. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 24. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 30.-01. Ouschtercamp mat den Grengen Scouten



ABRËLL:

- 7. Keng Versammlung -> Vakanz
- 14. Keng Versammlung -> Vakanz
- 21. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 28. Beaver Fun-Day



MEE:

- 5. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 12. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 19. Sortie
- 26. Keng Versammlung -> Vakanz



Beaverklack
Lena & Nora & Maiti & Alizée

Programm Meute Den Meute - Programm

FEBRUAR

- | | | |
|---------|--|-------------|
| 4. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 11. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 18.+25. | keng Versammlungen --> Fuesvakanz --> Techuana | |

MÄRZ

- | | | |
|-----------|---------------------------------------|-------------|
| 3.-4. | SiWe | |
| 10. | SORTIE | |
| 17. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 24. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 31.3-2.4 | OUSCHTERCAMP | |
| 31.3-15.4 | keng Versammlungen --> Ouschtervakanz | |



ABRËLL

- | | | |
|-----|---------------------------------|-------------|
| 21. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 28. | Keng Versammlung --> RO-Weekend | |

MEE

- | | | |
|------------|---------------------------------------|-------------|
| 5. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 12. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Sortie | 14:00-16:00 |
| 26.05-3.06 | Keng Versammlungen --> Pëngschtvakanz | |
| 26.-29. | PËNGSCHTCAMP | |

JUNI

- | | | |
|-----|--|-------------|
| 9. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH | |
| 23. | Keng Versammlung --> Nationalfeierdaag | |
| 30. | Versammlung | 14:00-16:00 |



JULI

- | | | |
|-----|------------------|--|
| 7 | keng Versammlung | |
| 8. | POW-WOW | |
| 14. | LÉIWENFEST | |

Deng Meutecheffen: Sophie / Prunelle / Claude / Breeze / Michel

Programm Troupe den Troupe - Programm

FEBRUAR

- | | | |
|---------|-----------------------------------|-------------|
| 4. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 11.-12. | WANTER-HIKE (FNEL) | |
| 18.+25. | keng Versammlungen --> Fuesvakanz | |
| 17.-26. | TECHUANA | |

MÄRZ

- | | | |
|-------------|--|-------------|
| 3. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 10. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | PATRULLEN-SORTIE fir d'Patrull Anaconda (Sam)
PATRULLEN-SORTIE fir d'Patrull Black Mamba (Sophie) | |
| 24. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 31.03-15.04 | keng Versammlung --> Ouschtervakanz | |



ABRËLL

- | | | |
|---------|---------------------------------|-------------|
| 12.-14. | OUSCHTERCAMP | |
| 21. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 28. | keng Versammlung --> RO-Weekend | |

MEE

- | | | |
|------------|---|-------------|
| 5. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 12. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | PATRULLEN-SORTIE fir d'Patrull Black Mamba (Pitt) | |
| 19. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 26.05-3.06 | keng Versammlungen --> Pëngschtvakanz | |
| 26.-29. | PËNGSCHTCAMP | |

JUNI

- | | | |
|-----|--|-------------|
| 9. | Truppen-Sortie | |
| 16. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH | |
| 23. | keng Versammlung --> Nationalfeierdaag | |
| 30. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

Programm Explorer

ben Explorer - Programm

Februar

- | | | |
|---------|----------------------|------------|
| 04. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 11.-12. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 17.-26. | TECHUANA 2012 Wanter | |



März

- | | | |
|---------|--------------------------------|------------|
| 03. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 10. | Sortie Fnel (Veloscamp 2012) | 08-18 Auer |
| 17.-18. | Schaffweekend am Home | 08-17 Auer |
| 24. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 31. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |

Abrëll

- | | | |
|---------|---------------------------|------------|
| 07. | Keng Versammlung | |
| 10.-14. | FNEL Veloscamp Belge 2012 | |
| 21. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 28. | Keng Versammlung | |
| 28.-29. | Roverweekend | |

Mai

- | | | |
|---------|---------------------|------------|
| 05.-06. | Explorer-Rover RAID | |
| 12. | Sortie Lions Rouge | |
| 19. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 26.-29. | Paischtcamp | |

Rapport Schaffweekend

Rapport Schaffweekend

Samstes den 26.November

hun d'Mäinzelmännercher vun den Lions Bleus sëch um 8 Auer (fir verschidden Léit ze fréi)

Rendez-vous ginn fir eist d'Home nees op den neisten Stand ze bréngen.

Ukomm am Home, hun mir all zesummen gudd Kaffi gedronk an nach e bëssen gepotert.

Géint 9 Auer koumen dun déi Léit no, fir déi 8 Auer nach matzen an der Nuecht ass, an moies keen Kaffi verdrinn :)

Lo gouf nüt méi laang gesabbelt, ét stoung genuch op eiser TO DO-Lëscht. Mir sinn déi opstoënd Aarbëschten duerchgaangen an jiddereen kruut séng Aufgaab.

Déi wichtigst énner villen aaneren worn: Kichen am Fong botzen (Hotte, Geräter hannendrun, dran, drop & ronderëm...), d'Wierkbänk oofbauen am Garage, d'Biller vum Pëngschtcamp 2009 ophänken, Flèck- an Ausschmieraarbëschten an selbstverständlech Raumen & Botzen am Fong.

Sou haat all Mensch eppes ze dinn, an ét konnt lassgoën. Den Pic, Maki & Anoa haaten sëch dien schéinstens Projet erausgewielt -->'the Kitchen'. Sie hun dës an Ugrëff geholl, an hun hier keng Chance gelooss bis se geblénkt huet wéi eng nei! Den Mungo huet sämtlech Fënsteren gestaubsaugt & gewäsch, den Eyra haat den Spannen den Krich erklärt an d'Façade & d'Lbb-Enceinte fräigeluecht, d'Explorercheffen hun grousst Material ausgeraumt an recycléiert...Den Lex, Grizzly an ech hun d'Wierkbänk mat aller Léiwt ausgebaut an weiderverschafft. Wéi der liest ass vill geschafft ginn an daat ass nach laang nüt alles, well ét sinn ganz vill aal an lästeg Punkten vun eiser TO DO-Lëscht verschwommen :). Mee wéi daat sou ass, wou Plaaz ass, kënnt nees neis dobäi.

Sou hun mer dun fir Samstes Schluss gemaach, an hun eis owes vum Théit kulinarësch verwinnen geloos. Léit déi schon laang wollten doheem sinn, sinn awer nach bliwwen an sou munchen zeguer bis moies (gell du Lex). Nom lessen gouf nach mat jonk an aal e letzten gemiddlech zesummen gedronk, an iwver d'Vergaangenheet an d'Zukunft an eisem Grupp diskutéiert. Dono hun mer eis all an d'Penntuut verkroch, well muer stoung och nach e laangen Schaffdaag um Programm :) gN

Sonndes mat Zäiten opgestaan gouf ét eng kleng Stärkung, en Zwëschenstand vun den Aarbëschten gouf gemaach an schon sinn Aarbëschten nees nei opgedeelt an ét konnt nees ugerappt ginn. Haut worn mer zu nüt méi sou vill, mee mir kruuten tatkräfteg Ënnerstëtzung vun der Famill, an den Kodiak huet och extra Gaz ginn :), wéi jidder eenzelnen deen dësen Weekend do wor.

Majo haut goufen d'Aarbëschten vun Samstes nach färdeggemaach, aaner Klengegkeeten ugefaangen an e bëssen geraumt... An dun wor ét geschitt!!! Beim Raumen am Büro fällt dem Lex & mir eng aal Mapp an den Grapp, an ech soën nach maach mol lues, daat hei gesäit aus no eppes richteg aalen an wichtegem. Mir ginn also stolz wéi OSCAR mat eisem Fundstück bei den Maki&Pic (déi nach èmmer an der Kichen umgaang sinn) an sie soën eis dat daat déi aal Bréiwer vum B.P. (Offiziell Bréiwer aus dem Buckingham Palace adresséiert un d'Lions Bleus) sinn. WOW Super déi sichen mir schon säit Éiwegkeeten seet den Maki, an mir fannen se lo sou téschend dem Gerümpel. Do seet een jo just: Gudd dat mer geraumt hun:,:) No der Opreegung an Wiedersehensfreude gouf dun nees weidergeschafft an an der Mëttesstonn hun mer eppes klenges liichtes (Paëlla vum Théit) giess. Nom lessen sinn all d'Aarbëschten oofgeschloss ginn an ét gouf sou lues ugefaang mam botzen.

Dësen Schaffweekend hun mer wirklech mat deenen puer Léit super ugerappt an am Endeffekt mèi erleedegt wéi erwaart. Do kann e just soën: RESPEKT & MERCI un all Eenzelnen dien eis eng Hand mat ugepaack huet, an op désem Weekend en LBB-MÄINZELMÄNNCHEN wor.

TAMIA

Rapport Beaver

Wild wild west

Allerhellegencamp vum 03.-05.November 2011

Mir hun eis Doneschdes den 3.November um 3Auer ob der Gare getraff an sin mat den Kanner zesummen bis an d'Home geträppelt. Wou mer unkomm sin, huet jiddereen fir d'éischt mol séng Saachen ausgepaack an dono hun mer mat den Kanner Spiller dobaussen gemaach. Während 2 Cheffen bei den Kanner woren, ass den aaneren kachen gaangen. Nodems mer gut gespillet hun sin mer ran Bouletten iesen gaangen. Nom lessen hun mer séier gespultt an d'Kanner hun séch färdeg gemaach fir an d'Bett an sinn schloofen gaangen.

Mir sin moies um 8Auer obgestaan an hun eppes giess (Müsli). Nom Spullen hun mer eis Bastel ugefang, hei konnten d'Kanner auswielen ob se e Cowboy oder en Indianer bastelen wollten. Dun hun mer mat den Kanner zesummen gebotschten Gromperen mat Wirschtecher gemaach an giess an dono, wéi émmer rem gespultt. Sie sin dun alleguer nom lessen hier Schwammsaachen sichen gaangen an mer sin an d'Piscine (zu Bouneweg) geträppelt. Jiddereen ass séier an säin Maillot geschlüpft an dun sin mer an d'Wasser gaang. Mir hun extra eng kleng Rutsch dohinner gestallt kritt, ob der d'Kanner déi ganzen Zäit rutschen gaangen sin oder sie hun Fänkies gespillet. Ongeféier no 2 Stonnen sin mer eis duschen gaangen an hun eis ungedoën. Nodems d'Kanner dobaussen eng kleng Stärkung kritt hun, sin mer rem an d'Home geträppelt. Wou mer do ukomm woren, hun mer nach puer Spiller gemaach, während rem een Chef gekacht huet. Owes hun mer dun Poulet curry giess an dono gespultt;-) No dem Spullen huet séch jiddereen warm ugedoën well mer nämlech raus en Nuetsspill maachen gaangen sin. D'Kanner goufen an 2 Gruppen obgedeelt déi all kéiers eng Base haaten mat 3 Faackelen. Jiddereen krut eng Wasserpistoul mat der een probéiren misst d'Faackelen vum Géigener auszeschéissen. Nom Nuetsspill hun d'Kanner séch färdeg gemaach fir an d'Bett an sinn schloofen gaangen.

Um 8 Auer sin mer obgestaan an hun mat den Kanner Frühsport gemaach. Dono hun mer zu Moies giess an et gouf zur Oofwiesslung Schmieren. Nom lessen sin mer eis Rucksäck paacken gangen. Nom Paacken hun 2 Cheffen puer Spiller mat den Kanner gemaach während den aaneren Chef gekacht huet, et goufen Nuddelen. Dono gouf dann rem gespultt, mee nom spullen waren mer nach nüt färdeg mat propper maachen, well mir hun lo och nach missen d'Home botzen. Well d'Elteren nom Botzen nach nüt direkt do waren hun mer mat den Kanner e puer Spiller gemach. Um 3Auer sin d'Elteren hier Kanner sichen komm:-)

Maiti

Rapport Beaver

Schlittschongsortie



Schlittschongsortie

den 14.Januar 2012

Um 10 Auer moies hun d'Beaver séch op der Kockelscheier getraff. Mat der Idee Schlittschong fueren ze goën waren mir awer anscheinend nüt di eenzeg, nee ét war nach en aaneren Scoutsgrupp zu 50 Stéck do! Mir hun eis dunn geflass fir virun där Scoutsinvasioun bei den Keesen an am Vestiaire ze sinn. No 12 mol Fouss ophiewen, Schong ausdoën, Schong undoën, an sou weider, fir d'Schonggréisst vun den Kanner erauszfannen, hat schlussendlech jiddereen séng Schlittschong. Wou all Mënsch d'Schlittschong unhat as et lass gaang op d'Äis. Selbstverständlech können



sou kleng Kanner nüt alleguer Schlittschong fueren, dofir louchen se och oft genuch um Äis amplaaz drop ze stoën. No ongeféier enger Stonn fueren, faalen, um Buedem leien... war awer och jiddereen gudd midd, an mir sinn eis rém an den Vestiaire aaneschters undoën gaangen.

Mam Bus vun der Kockelscheier an Staat an vun do an d'Home. Hei huet d'Nora schon mat leckere Spaghetti op 12 hongereg Beaver (an Cheffen!) gewaart. Nom lessen hun déi eng gehollef spullen, an di aaner sinn raus e puer Spiller maachen gaang, bis d'Elteren dann schon gläich komm sinn. D'Kanner an d'Cheffen hun wahrscheinlech gudd geschlof déi Nuecht.

Lena

Rapport Bofferding Sortie

Explorer

Bofferding Sortie

Mir hunn eis um 13 Auer beim Home getraff. Dunn sinn mir, d'Explorer Unitéit, an d'Autoen geklomm an bis op Bascharage gefuer, wou mir bei d'Brauerei vun Bofferding rausgeklommen sinn. Do sinn mir eragaangen, an eis Guide huet schonn op eis gewaart. D'Madame huet eis en klengen Film am groussen Haaptsall, bei der Entrée, gewisen, an dunn ass et weidergaangen duerch d'Brauerei. Mir sinn duerch vill Säll gaangen, fir d'eicht en Sall, wou mer erklärt kruten wéieen Waasser Bofferding benutzt fir säin Béier, an dunn wat si dran man. Mir sinn dann weidergaangen wou den Béier gebraut gëtt. Dunn wou en an groussen Fässer bleibt fir den Zocker an Alkohol ze verwandelen, an spéider do wou d'Béier dann och an Flächen gefällt gëtt. Leider wor dës lescht Maschinn net un wei mir do woren. Dunn kruten mer den alen Motor (Dynamo) gewisen den fréier den Stroum fir d'ganz Brauerei produzéiert huet.

Schlussendlech krute mer nach eng kleng Degustatioun :)
Ludovic Lemoine



Rapport Allerhelgeweekend

Explorer

Allerhelgeweekend

Samschdes 5/11



Mir hun eis um 9 Auer op der Gare getraff. Vun do aus sollten mir bis op der Escher Gare goen. Mee dat huet en bëssen méi laang gedauert. Dunn, als mer op den zweeten Zuch gewaart hun (well mir den éischten verpasst hun), ass en endlech komm an mir sinn erageklommen. Mir sinn dunn op der Escher Gare erausgeklommen, an do hun mer den zweeten Message fonnt. Mir sinn getréppelt an getréppelt, an ereicht no zwou Stonnen hun mir verstanen dat mir eis verlaaf hun. Dunn hun mer eis Cheffen ugeruff mä et gouf en klengen Problem: Mir sinn während zwou Stonnen an déi falsch Richtung gaangen. Dunn sinn mer zeréck op der Escher Gare gaangen an do am Park haten mer um Startpunkt Mëttegpaus. Wei mer rém weidergaangen sinn

hun mir eis erém verlaaf an hun den drëtten Message ereicht géint 9 Auer owes fonnt. Mir sinn dann direkt bei d'Nuechtplatz gaangen, d'Home vun den Peaux Rouges, sinn awer ereicht géint 11 Auer ukomm. Do hun mer dann gekacht, giess an geschlof.

Sonndes 6/11

Den nächsten Moien ass et awer besser gaangen, mir hun eis guer net verlaaf an sinn direkt ouni Problem ukomm. Als des Camp eriwwer war sinn mir erém heemgaangen.

Ludovic Lemoine

Rapport Kleeschen

Rapport Kleeschen am Home (2. Dezember 2011)

Hellef! Den Rudolf huet en Akzident gehaat! Sou haselesch wéi hien ass, ass hien einfach esou ze séier geflunn an dunn ass en an Fliiger gerannt. Wéi et och kommen misst, huet en sech seng Nues gebrach an all d'Stecker sin iwwert dem Home eroofgefall.

Also hun d'Lions Bleus sech um 6 Auer am Home getraff vir seng Stécker erem zesuzammen ze sichen. Kuerz drop hun d'Elfen den bloen Léiwen erklärt, waat geschitt ass an waat sie mussen maachen. Op 3 Plaazen waren seng liichtend Nuesestécker verstoppt an all Branche ass dun op eng aaner Plaaz gaangen, vir dës Stécker ze sichen. D'beaver waren déi éischt déi färdeg waren, duerno koumen d'Scouten an d'Wellefcher och schon zereck. Vir dass de Kleeschen awer wosst wou en sollt hikommen, hu mir dem Kleeschen nach ganz haart léiwen Kleeschen gesongen an dun ass et och schons eragaang an déi waarem Stuff well et war awer zimlech kaal dobaussen! Dobannen, wéi jiddereen sech installéiert haat, gouf nach eng kéier en Lidd gesonngen an dun ass den kleeschen schons komm. Eng Begréissungsried an e grousse merci hun d'Kannerhärzer déi hei versammelt waren dann vum héischschloen bruecht.

Wéi all Joërs ass et dun bei d'Presentatioun, d'Leviten liesen oder d'Fléiwen an d'geschenkerverdeelung vun den eenzelnen Branchen komm. Ugefaang mat de Beaver hierem neien Waka-Waka-Cover à la Zinniklos ass et dun weidergaang iwer de Wellef hieren „Kleeschen, we will rock you“ an de Scouten hiren Theaterstecker bis zu den Explorer hirer super Impronummer.

No laangen setzen an waarden ass et dun schliesslech zum schmerhaft Eddi vir de Kleeschen an zum laangerseenen Schocki mat Kuchemännchen komm. Den 2 Meter laangen Kuchemänchen, dee schons vum Grizzly mat vill Léiwt geschnidden gin ass, ass dun un jidderen verdeelt gin. Wéi dun schliesslech all Mensch de Bauch gut voll haat, ass et och schons Zait gin vir Heem an d'Kanner hun sech op de Wee bei hir Elteren gemaach, déi virunder Dier op si gewaart hun.

Nach eng kéier e grousse merci un de Kleeschen vir all seng Geschenker an och d'Schocklaskamellen vir d'Cheffen.

Lex



Rapport Roverweekend

Tjo, d'Zäit vergeet an den nächsten Roverweekend stung virun der Dier ! Wéi d'Traditioun et esou wéll hu mer ons de Weekend vum Kleeschen erem baal al getraff fir op de Roverweekend. No ominösen E-Mails vun engem gewëssenen Renard, krute mer déi néideg Informatiounen. Déi di Loscht haaten hun sech ugemellt a lass goung et....

Mir hun ons Samsdes den 03 Dezember 2011 um 10h00 op der Dummeldenger Gare getraff. Déi eng hun nach zimlech midd dragekuckt, well se eng kuerz Nuecht haaten Aanerer waren top fit, well se de Rendez-vous ém eng Stonn virgeluecht haaten. Trotz allem war d'Stëmmung natierlech schon um Rendezvous. Jidereen war mat mindestens 2 Rucksäck ekipéiert : een fir den Trajet mam Gebuffs an een fir de Weekend. Op der Gare krute mer och direkt mat Hëllef vun engem Message déi 2 Ekippen matgedeelt. Ech mengem am Ganze wore mer zu 11 Rover an een Hond !

Déi 2 Ekippen hun sech direkt op de Wee gemaach an sinn an den Zuch gekommen. Mir hun den Zuch geholl, sinn eng Kéier émgestiigen. Obwuel dat émsteigen guer kee Sënn haat, well Endeffekt sinn déi 2 Ekippen déi selwesch Zäit zu Drauffelt ukomm. Schon am Zuch gouf vill gemunkelt a gerätselt wien dann deen ominösen Renard wier a wou et schlussendlech géing hi goen.

Ennerwee haat onst Laska d'Madame Schaffnerin gudd an der Hand. Hatt duerft sech et esouguer op dem Setz gemittlech maachen, wat zimlech sympathesch wor.

Ennerwee haate mer e puer Schwierigkeiten punkto Zuchticket'en, well iergendwéi keen ons dat Richteg verklappe wollt.....mee bon mir sinn awer eens ginn, hu villäicht epuer Euro zevill ausginn.

Zu Drauffelt ukomm stung komescher Weis d'Remorque vun de Lions Bleus um Parking... Mir hun d'Remorque opgemaach an hu bannen onsen éischte Message fonnt. Mir sinn jo net domm, dofir hu mer natierlech och ons Rucksäck an d'Remorque geluecht. Vill méi liicht ass et dun definitif lass gaangen.

Ons Ekip huet sech et emol beim Chinese op der Terrasse gemittlech gemaach, well do huet et net gereent. D'Organisatioun wor schon gudd organiséiert, well all Ekip krut esouguer eng Housse fir d'Kaart dran ze maachen,wow wow wow !!!

Den éischte Message huet ons op e bestëmmten Punkt gefouert, deen « Dräistëmplar » geheesch huet. Mir hun ons all agepaak an si lass getréppelt. De Wee huet ons op en enke géie Wee voller Bulli gefouert, et goung scho gudd un. An et huet net laang gedauert an dunn haate mer d'Sënnbéck vum Dag fonnt, ech soen némmeen : déi f..... Mountainbike-Fuerer !!!

Beim Punkt ukomm, hu mer och verstaanen, firwat déi Plaatz esou géing genannt ginn. Virun ons stung en alen groussen huele Baam mat dräi groussen Aescht, an aaner Wieder eng super Plaatz fir e Message ze verstoppen...pffff denks de !!! Iergendwéi wor de Renard net esou clever wéi mir !

No enger gudden halfer Stonn sichen, hu mer endlech de Message fonnt. Ech soen ierch net grad flott énnert dem Reen e Message ze sichen...Mir hun awer och elo nüt náischt fonnt, mir haaten och 2 Geocache fonnt, wou mer ons natierlech drageschriwwen hun.

Mir hun de Message entziffert an deen huet ons an eng kleng Chapelle gefouert, émmer énnert dem Reen, onse tréie Begleeder vum Dag. Bei der Chapelle ukomm hu mer direkt de Message fonnt. Mir hun ons an d'Chapelle verzunn, wou mer net némmeen de Konfetti-Message entziffert hun, mee och .



Rapport Roverweekend

nach fir Mëttele giess hun. Natierlech wier eng gudd warm Bouneeschlupp besser ukomm, mee mat deem Honger hun d'Bréidercher et och gemaach Noom Iessen huet jidereen seng fiischt Jaquette erem ugedoen a weider goung et. Mir waren gudd ennerwee, hun d'Messagen séier fonnt. Bei engem Message humer missten d'Buschstaawen an der Wandrous sichen...

Den nächste Message loung uewen op enger Kopp ! Mir haaten direkt vu wäitem de bloe Loftballon gesinn hänken. Deen hu mer direkt opgepickt a wat stung dran : sicht weider !! Ech mengen do huet jidereen geflucht, d'Laska och !!

De Message lung op der aanerer Stroosesäit an deen hu mer och direkt entziffert. Ons Rees huet ons laanscht e Monument vum zweete Weltkrich gefouert. Du goung et erof Richtung Gare vun der Maulusmillen. Op der Gare hu mer de Message fonnt an hu missten ons Briquet' en eraus huelen fir ze gesinn wat um Message stung.

De Message huet ons op Binsfeld op der Kierfech gefouert. Do lung och schon deen nächste Message deen ons an onse Chalet gefouert huet. Déi aaner Ekip ass mat ons zesummen ukomm. Dat hätt een net besser kinnte plangen !

Am Chalet huet jidereen seng fiischt Kleeder ausgedoen an huet sech an eng gemittlech Tenu geschmass. Duerno sutze mer zesummen an hun endlech eng gudd warm Spaghetti genoss.

D'Organoun wor och präsent. Wien hätt et geduecht et wor den Eyra an den Crotal !!! De Pic als Cuisto wor och do !!!

Als Dessert gouf et nach Boxemannchen, mmmhhh lecker !

No a no ass jidereen a seng Penntuut gefall !

Sonndes si mer opgestaanen, hun ons Saache gepaak. Noom Iessen hu mer gespultt a de Chalet gebotzt. Duerno hu mer ons op de Wee an de Bësch gemaach. Ennerwee gouf gesongen... Am Bësch ukomm hu mer e Feier gemaach. Den Aperitif gouf zervéiert. D'Organoun haat dee falschen Amer-Picon kaaf, ganz dramatesch. Mee dofir krute mer Toilettepabéier mat Doft, wat e Luxus !!!

Wéi d'Glous gudd wor hu mer ons Wurschten gegrillt ! Déi eng waren scho beim Dessert an déi aaner waren nach bei der Lyoner-Wurscht.

Géint 15h00 hu mer ons op de Wee Richtung Elwe gemaach fir den Zuch fir Heem ze huelen. Virun der Gare hu mer nach eng Chaîne d'adieu gemaach an du si mer an den Zuch gekommen. Am Zuch goung erem déi ominös Affär punkto Zuchticket' en lass...

Mir sinn zu Dummeldeng eraus geklom hun ons Eddi gesoot an du wor den Roverweekend färdeg !!!

Wéi émmer wor et e flotte Roverweekend a mir haaten eng gudd Zäit ! Mir freen ons och schon op deen nächste Roverweekend, wien ass dann dës Kéier den Renard ?

Nach e grousse Merci un den Eyra an den Crotal fir d'Organoun !! Ahjo an de Pic net ze vergiessen fir déi excellent Sauce, déi verschidde Léit awer ze scharf wor

Mouette



Rapport Chrëschtcamp

Rapport Meute

1 Daag

Den 1. Dag hu mir eis bei der Gare getraff .Du si mir bei de Busarrêt gaangen,mir hunn 10 Minutten op de Bus gewaart.De Bus ass dann komm ,mir si ongeféier eng hallef Stonn gefuer .Do sin mir aus dem Bus gaangen ,fir an den anere Bus ze goen. Dun si mir nach ongeféier eng hallef Stonn mam Bus gefuer .Do si mir entlech ukomm .Mir hunn eise Sack geholl a si nach 10 Minutten gaangen .Mir si dann am Home ukomm .Do hu mir 2 Zauberer gesinn ,déi hunn da gesoot wat mir maachen mussen .Do hun mir eise Schlofsaak,eise Pyjama,eis Zännbiischt ,an eis Täscheluucht ausgepak .D'Chefen hunn eis dan gesot dass mir eis waarm undoen mussen ,well mir een Spill maachen. Bei dem Spill geet et dorëm, eng Hex huet enger anerer Hex e Rezept geklaut ,an et ass e ganz wichteg.Do hu mir d'Spill gespillet.Do hu mir den Zaubertrank gemixt . Jidderee konnt eng kéier schmaachen .Do si mir erëm an den Home gaangen ,fir d'iessen ,nom iesse si mir schlofe gaangen.

Jim Riewer



2 Daag

Am 2. Tag haben wir morgens Frühsport gemacht.
danach haben wir uns angezogen und sind essen
gegangen. Und dann haben wir gespielt, zuerst
fangen dann verstecken und wir sind auf dem Spielplatz
gegangen. Abends haben wir fangen gespielt im dunkeln
und dann kam der große Zauberer und seine Dienerin.
Sie haben uns ein paar tricks gezeigt und danach hatte
die Dienerin dem Zauberer den Zauberstab geklaut
und dann hat sie ihn im Wald versteckt. Und dann haben die
Kinder ihn gefunden. Und dann waren wir an der Reihe zu Zaubern,
und danach haben wir eine Disco gemacht und danach sind
WIR SCHLAFEN GEGANGEN.

Danie Frisch



3 Daag

Wir wurden geweckt.
Dann haben wir Frühsport gemacht.
Dann haben wir uns angezogen und gefrühstückt.
Wir haben Spiele gemacht, die Spiele waren
riechen und schmecken, mit einem Besen einen
Parcours fliegen, ein Spiel mit Skelettkarten, in der
Hose hatte man eine Schnur wo ein Bleistift dran
hing und man wurde von denen anderen dirigiert
denn der Bleistift musste in die Flasche.
Danach haben wir zu Mittag gegessen.
Dann sind wir zum Bus gegangen.
Wir hatten eine Stunde Verspätung.
Louise Winandy



Rapport Chrëschtcamp

Rapport Troupe

1. Daag

Um 9:45 sinn mir ob der Gare fortgefuehr. Dann um 11:15 huert den Nikolas gesoot mir géifen en Trajet maachen. Den 1.Zierdel loung op der Gare. Dann sinn mir matzen an der Stross von Dikrëch op eng Insel komm, wou den zweeten Zierdel loung. No bëssen wanderen koumen mir bei en géien Hiwwel wou puer Scouten émmer fiir gangen sinn. An der Mëttespaus goufen ét Bréidercher. No enger klenger Paus ass ét weidergaangen. No laanger Sich hun mär festgestallt dass mär faslch gaangen sinn. Een aus der Grupp huert den Cheffen ugeruff, an sie sooten eis daat letzt Stéck Trajet ass am Bësch. Nodems mär am Home unkomm sian an eis Saachen platzéiert haaten, gouf ét als Owendiessen Kniddelen. Nom Iessen hun mer en flot Nuerchtpill gemaacht, an deem ét drëms gaangen ass en Mord opzeléisen. An daat war den éischten Daag vum Chrëschtcamp.

Charel Winandy



2. Daag :

Nom Moiesiessen hu mir eis Chargen gemaach. Dunn hu mir eng Tomatenzopp gemaach. Mir hun fir d'éischt d'Geméis geschnidden (Ennen, Knuewelek, Muerten, Zelleri ...) bei den Tomaten hu mir missten d'Kären eraus huelen. Wou d'Zopp färdeg war, hu mir se als Mëttegiessen giess. Sie war zwar gudd, mä et war méi en Tomatenkompott wei eng Zopp :-) ! Dono hu mir rëm d'Chargen gemaach an dun sinn mir an de Bësch gaang, fir Dännenzapfen ze sichen . Wou mir rëm am Chalet waren, hu mir Kärzen gemaach. Als éischt hun mir mat Pabeier an Scotch eng Form gemaach, wou mir dann dono de Wuëss dran gegoss hun. Mir hun dann émmer eng Faarw erausgesicht an dann gouf se an eis Form gegoss. Dunn missten mir waarden bis den Wuëss fest ginn ass, an dann konnt en nach eng kéier waarmen Wuëss drop schédden. Wann dat dann gemaach war, an den Wuëss gedréchent, hun mir den Pabeier erofgeholl. Wéi dunn all d'Kärzen färdeg waren, hun mir d'Dännenzapfen geholl, déi mir virdrun am Bësch gesammelt haaten, an sinn op e Feld gaangen, fir e Spill ze spiller. Do hu mir 2 Gruppen gemaach. Ziel vum Spill war et d'Dännenzapfen vun der aanerer Grupp ze klauen an se bei séng Grupp ze bréngen. No dem Spill waren eis Schong voll Bulli an d'Feld war verwüstet. Rëm beim Home hun mer eis Schong mol gudd ofgeklappt ier mir ran gaangen sinn. Dunn haaten mir e bessen "temps libre" wou mir am Dortoire all zesummen "verstoppen am donkelen" gespillt hun. Dunn hun d'Cheffen eis geruff fir eng Diskussioun. Mir hun eis all zesummen an den grousse Sall gesaat, fir driwwer ze schwätzen firwaat Chrëschtdaag eigentlech gefeiert gët, nämlech nüt némmen wéinst de Cadeau'en mä fir dass een zesummen mat sénger Famill kann sinn. Mir hun och iwwer Chrëschtdaag an aaneren Länner geschwaat. An nach iwwer vill aaner Saachen déi mir wëssen sollte. Dunn ass d'Scoutscommissariat mam Pit komm (an mir haaten all eisen Lions bleus Pullover un)! Zum Schluss vun déser Diskussioun hun d'Cheffen eis gesoot, dass mir désen owend géingen chinesesch Fondue iessen. Daat war natierlech eng super Noriicht! Während d'Cheffen d'Iessen virbereet hun, hun mir den Sall dekoréiert! D'Iessen war mega gudd an dono hu mir d'Telleren an d'Spullmaschin gemaach, well haut missten mir nüt spullen :-) Dunn hun mir d'Matrassen an de groussen Sall geluecht well mir lo 'Hangover 2' gekuckt hun!Sarah:-)



Rapport Chrëschtcamp

Rapport Troupe

3.Daag

Dësen Dach huet schon gudd ugefang: Zwee Scouten (Ruben,Louis) hun sech net geschéckt, dofir missten sie hieren Schlofsak huelen an erof goen. Do Ennen war dann en klengen Wettbewerb. Deen den Wettbewerb gewennt kéint an Duschen schlafen goen, den Verléierer misst op Toiletten schlafen goen. D'Cheffen waren awer fein, an hun déi Scouten no 20 Minuten geruff. Elo dieften d'Scouten erem an den Dortoir schlaffen goen. Geint 9 Auer goufen mir dann mat Musik aus dem Bett geheit. Sou bal mir eisen Rucksak gepaak haaten, missten mir eraus goen. Dobaussen huet den Lex op eis gewaart fir Frühspor mat ganz vill «Begeeschterung» hun mir do matgemaach. No dem Frühspor hun mir dann den Brunch virbereet. Den hun mir awer genoss!! Dono gouf ofgeraumt. Eng Patrull huet gekiert an den Dech ofgeraumt, déi aaner Patrull huet gespult. No dem Kieren an dem Spullen gouf d'Home gepotzt. D'Cheffen hun eis gewisen wéi en mat Biesen an Torchon émgeet, dann hun mir ugefaang mat botzen an d'Cheffen hun eis nogekuckt. Dat war vill Abescht, mee mir huet et ganz vill Spass gemaach. Ech mengen den aaneren Scouten huet et och Spaass gemaach. Mir haaten d'Home ganz gebotzt bis op en Sall. An dem Sall hun mir dann «BLACK HISTORY» gespillet. Dat war flott. No dem kruten mir den Recht vun der Schokolasfondu déi mir gescht ugefang haaten. Mir hun d'Home verloos an hun eis mam Néckel op den Wee fir bei d'Gare vun Diekirch gemaach. Dohannen ukomm hun mir op den Zuch gewaart. Während dem Waarden hun mir nees eng «BLACK HISTORY» gespillet. Wéi mir eis den Hénnner ofgefruer haaten, koum den Zuch endlech.

Atten Louis



Rapport Chrëschtcamp

Rapport Beaver

Vum 17 bis den 18 Abrëll waren d'Beaver zu Beetebuerg fir zesummen en Camp ze verbréngen. Samschdes hunn mer eis schonn am fréien Nomëtten op der Gare zu Lëtzebuerg getraff. Vun do aus sinn mir dunn zesumme mam Bus op Beetebuerg gefuer. Wéi mer dunn am Chalet ukomm sinn hunn mer och direkt lassgeluecht an hunn eis un d'Bake gemaach. Wéi mer dunn 7 Bakblecher voll Kichelcher gemaach hunn huet eis Baken sou lues zu den Oueren erausgehaangen. Also hunn mer dunn de Film Laura's Weinachtsstern gekuckt. Nom Film waren dunn och all d'Kichelcher gebak a mer hunn se schéin, phantasievoll an awer och bësse gelungen zum Deel dekoréiert. Vu que dass mer sou lues Honger kruten hunn mer dunn den Dësch gedeckt an eng lecker selwergemaachte Pizza giess. Nodeems mer gespult hunn hunn mer en Quiz gemaach wou d'Grupp Laura's Stern als Gewënner efiergaang sinn. Vu que dass et dunn schonn zimlech spéit gaang hunn d'Beaver nach hier Zänn gewäsch a sinn dunn och an hier Schlofsäck gefall.

Sonndes moies waren d'Cheffe mol eng Kéier fierun de Beaver waakreg well dess nach midd ware vum Dag fierdrun. Nodeems mer zu Moies giess hunn, hunn mer eis schnell opgemaach fir op den Houwald an d'Altersheem ze fueren. Nodeems mer verschidde Problemer mat de Busser misste léise sinn mer dunn schlüssel am CIPA ukoum. Do hunn mer dunn eis lecker selwergemaachte Kichelcher un déi al Leit verdeelt. Des ware ganz vill vrou, zemoools wéi mer hinnen dunn och nach Chrëschtlidder virgesongen hunn. Mer kruten och nach eppes ze iessen an ze drénke vum Personal am CIPA. Zeréck am Home hunn mer dunn zu Mëtteg giess, Bouillon an beluegte Bréidercher. Allerdéngs war den Appetit net immens grouss an mer haten dono nach méi wéi d'Halschent vun den Iesssaachen iwwreg. Nodeems mer eis Rucksäck gepaakt hunn hunn mer nach schnell eppes klenges gebastelt an dunn waren och schonn d'Elteren do, an de Camp war zu Enn.

Nora

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

Ech sinn am gaangen den PhotoArchive vun den Lions Bleus opzebauen & opzeschaffen. Dofir wollt ech en OPRUFF maachen, dat jiddereen mer séng Photo'en soll schécken déi irgend eppes mat den Lions Bleus ze dinn hun. Egal op aal oder nei! Am Beschten sollen d'Photo'en schon digital sinn. Falls dir also nach flott Bildmaterial hudd, dann schéckt mir dëst op (foto@lionsbleus.lu) oder gidd mer se direkt per CD oder Stick...



MERCI TAHR

LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

11/02/12 - 03/03/2012 - 24/03/2012 - 21/04/2012 - 05/05/2012 - 19/05/2012 - 16/06/2012

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



ALLGEMENG Datumer:

4-5/02/2012	Tronc commun	24-25/03/2012	Bosses & Bobos
11-12/02/2012	FormationsWeekend BV	29/03/2012	Soirée Chefs de groupes
11-12/02/2012	Wanter Hike SG	31-03/04/2012	FormationsCamp Leadership
16/02/2012	Réunion semestrielle zu Steesel	06-09/04/2012	FormationsCamp EX
03/03/2012	FormationsSortie SG/EX	10-14/04/2012	VelosCamp an d'Belge EX
3-4/03/2012	SiWe fir LX	21-22/04/2012	Bosses & Bobos
10/03/2012	PréparationsSortie Veloscamp EX	29/04/2012	Beaver on Tour

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

- 02/02/2012	- 08/03/2012
- 09/02/2012	- 15/03/2012
- 16/02/2012	- 22/03/2012
- 01/03/2012	- 29/03/2012

FNEL Sortie fir Beaver

Beaver on tour

BEAVER ON TOUR

DETEKTIV

den 28.Abrëll12 an der Staat

Wéi all Joers, ass och dëst Joer rem
en 'Beaver On Tour', wou mir eis mat all eisen
Beaverkollegen aus dem ganzen Land treffen, an e flotter
Daag zesummen verbréngen.
Méi genee Informatiounen kommen nach no.



FNEL RAID 2012

Fir Explorer & Rover

Och dëst Joér ass nees en Raid!

Nët méi am Wanter, mee an der Summersaison an zwar den 5.-6.Mee 2012.

Wanns du also Loscht hues e flotten Weekend ze erliewen, an der Unitéit bis an d'Nuecht den richtegen Wee ze sichen, vill ze laachen, nei Léit kennen ze léieren...dann schreiw der désen Datum schon op. Weider News kriss du an der nächster Wandrous!!!

et schengt

et schengt

- 01) wéi wann verschidden Léit gär géingen Knuppauto spinnen
- 02) wéi wann énnert den Wöllefcher verschidden Rocktalenter géingen stiechen
- 03) wéi wann verschiddenen Léit zimlech Angscht am Tunnel hätten
- 04) wéi wann den 5.Dezember e schlechten Daag gewiercht wier fir den praktëschen Führerschäinsexamen ze maachen
- 05) wéi wann d'Beavercheffen keen Führerschäin brauchen
- 06) wéi wann den Kleeschen dëst Joér nüt genuch Kadoën haat
- 07) wéi wann owes speit op den Camp'en Probabilitéiten gerechent ginn
- 08) wéi wann en Shitake nüt émmer een Shitake wier
- 09) wéi wann verschidden Léit Owes um Chrëschtcamp vun der Troupe Bauch wéi haaten
- 10) wéi wann et ganz flott ass selwer Kerzen ze bastelen
- 11) wéi wann d'Scouten en gudden Trajet gemit hun
- 12) wéi wann am Hiescht nach zimlech gudd Wieder gewiecht wier
- 13) dat d'Explorer motiveert sin fier Scoutstechniken ze leieren
- 14) wéi wann en Explorercheff um Troupecamp strategeg net eseu begabt gewiecht wier
- 15) wéi wann puer Cheffen net wéissen wéi een ,Et schengten' schréift
- 16) wéi wann et nach e puer Wochen dauert, bis den Gruppfändel iwwer dem Home weht
- 17) wéi wann e puer Wöllefcher ganz verléiwt wieren
- 18) wéi wann den Lavabo am neien Féischerhaus net wéilt riicht hänken
- 19) wéi wann déi 2 Beavercheffen dem Auto endlech Meeschter gi wieren
- 20) wéi wann eis Scoutscheffen an der Zeitung gewiercht wieren
- 21) wéi wann d'Meute eng richteg Queen-Cover-Rockerband wier

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann wann et awer mat richtegen Autoen gespillet géing ginn
- 02) wéi wann sie keng Performance virun engem groussen Puplikum scheien géingen
- 03) wéi wann daat um maskeierten Gruppenchef geleean hät
- 04) wéi wann direkt zwou Beavercheffinnen un fehlenden Dokumenter gescheitert wieren
- 05) wéi wann zwee vun hinnen op engem Daach nüt zougelooss ginn sinn
- 06) wéi wann verschidden Léit déi Saach mam umellen nach nüt ganz eecht huelen
- 07) wéi wann d'Käpp géifen dämpen an d'Mathématikgenien baal un hier Grenzen gerooden wieren
- 08) wéi wann dëst allgemengt Entsetzen erfiergeruff hät
- 09) wéi wann dëst dovun komm ass, dat se einfach ze vill vun der herrlecher chineséscher Fonfue giess hun
- 10) wéi wann et nach méi flott wier 3 Stonnen ze schaffen fir all Wuesflecken fort ze kréien
- 11) wéi wann sie séch baal nüt verlaaf hun
- 12) wéi wann ma eng Gruppenwasserschlacht maachen konnten
- 13) wéi wann si um Chrechtscamp 100% presenz gewissen hun
- 14) wéi wann hien bei all Partie Risiko als eichte verluer huet
- 15) wéi wann dëst effektiv esou ass
- 16) wéi wann eng Branche iergend eng kéier domat misst ufänken
- 17) wéi wann schon déi éischt Heiratsanträge gemaach gi wierent
- 18) wéi wann d'Aarbeschter keng Première-B gemaach hätten
- 19) wéi wann een séch elo misst bannen verstopen, well dës 2 d'Stroosser onsécher maachen
- 20) wéi wann se och nach duerch hieren héichen IQ eng Rees op Parais gewonnen hätten
- 21) wéi wann se hiert Talent souguer op öffentlechen Plaatzten beweisen géifen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M.Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane - MM Schintgen Chouch - Famille Reiners - Thein Pit - Bauler Fränk - Sirazki - Famille Sinner - Cahen

D' Wandrous no 336 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Claude, Sophie, Nora, Lena, Maiti, Christophe, Breeze a Michel

Un der WANDROUS N°337 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouten a Explorer / Tamia / Kodiak / Maiti / Lena / Ludovic 2x / Lex / Mouette / Jim / Danie / Louise / Charel / Sarah / Nora a Claude

Programm Wandrous

den 3Méint-Programm

februar'12

Mël 1	Permanence
Dö 2	
Fr 3	
Sa 4	Beaver/Meute/Patrull/Explorer
Sö 5	
Mël 6	
Dël 7	
Mël 8	Permanence
Dö 9	
Fr 10	
Sa 11	Beaver/Meute/Explorer SG Wanter-Hike
Sö 12	SG Wanter-Hike
Mël 13	
Dël 14	
Mël 15	Permanence
Dö 16	FNEL Réunion semestrielle
Fr 17	TECHUANA Wanter
Sa 18	TECHUANA Wanter
Sö 19	TECHUANA Wanter
Mël 20	TECHUANA Wanter
Dël 21	TECHUANA Wanter
Mël 22	TECHUANA Wanter
Dö 23	TECHUANA Wanter
Fr 24	TECHUANA Wanter
Sa 25	TECHUANA Wanter
Sö 26	TECHUANA Wanter
Mël 27	
Dël 28	
Mël 29	Permanence

märz'12

Dö 1	Comité
Fr 2	
Sa 3	Beaver/Patrull/Explorer LX SiWe
Sö 4	LX SiWe
Mël 5	
Dël 6	
Mël 7	Permanence
Dö 8	
Fr 9	
Sa 10	Beaver/Trupp LX Sortie/EX Prép.VeloSortie
Sö 11	
Mël 12	
Dël 13	
Mël 14	Permanence
Dö 15	
Fr 16	
Sa 17	Beaver/Meute/Explorer PatrullenSortie Sam&Sophie
Sö 18	Schaffweekend EX/RO/CH Schaffweekend EX/RO/CH
Mël 19	
Dël 20	
Mël 21	Permanence
Dö 22	
Fr 23	
Sa 24	Beaver/Meute/Trupp/Explorer
Sö 25	
Mël 26	
Dël 27	
Mël 28	Permanence
Dö 29	Comité
Fr 30	BV & LX Ouschtercamp
Sa 31	BV & LX Ouschtercamp

abréil'12

Sö 1	BV & LX Ouschtercamp
Mël 2	LX Ouschtercamp
Dël 3	
Mël 4	
Dö 5	
Fr 6	
Sa 7	
Sö 8	
Mël 9	
Dël 10	EX VelosCamp an d Belge
Mël 11	EX VelosCamp an d Belge
Dö 12	EX VelosCamp an d Belge SG Ouschtercamp
Fr 13	EX VelosCamp an d Belge SG Ouschtercamp
Sa 14	EX VelosCamp an d Belge SG Ouschtercamp
Sö 15	
Mël 16	
Dël 17	
Mël 18	Permanence
Dö 19	
Fr 20	
Sa 21	Beaver/Meute/Patrull/Explorer
Sö 22	
Mël 23	
Dël 24	
Mël 25	Permanence
Dö 26	Comité
Fr 27	
Sa 28	keng Versammlungen BV Beaver on Tour RO-WEEKEND
Sö 29	RO-WEEKEND
Mël 30	

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fne
explorateurs
scouts & guides

A Renard, wéi fänste dé Whisky?
Daat as e ganz féint Kreidér, dé
béisst jo och emol net am Hals*



* THAT'S ALL FOLKS